



De Mord am Fuusselach

E jonke kärel, 28, kantonjee vu beruff, hat seng heemlech freiesch, 26, e léift meedchen, duechter vun engem doléiner, dat, sou as deemols gesponne gin, e kand vun him erwaart huet, sonndes nomëttes, de 5. august 1888, wéi d'duerf ze soen eidel war, well déi zwéin duerfveräiner hire joresausfluch op spa gemat hun, an en ofgeleëne, wëlle bëscht bestallt, fir sech mat him, sou as mol gesot gin, iwwert d'jowuert vu sengen elteren fir d'houchzäit ze ënnerhalen, an do, am schiet vu schwaarzen hecken, erstach. (...)

e meedercheskand, wéi dat deemols geheescht huet, am joer 1888, an dësem dierflechen hochsitz vun der moral, hätt fir déi béid, awer besonnesch fir d'meedchen, eng fiirchterlech schan bedeit. em jong seng elteren, déi sech fir eppes besseres gehalen hun, waren nämlech mat engem bestiednes vun hirem eenzege jong, engem „gemengebeamten“, mat der duechter vun engem doléiner, engem „hongerlidder“, wéi se sech sécherlech ausgedréckt hun, nët averstanen. déi béid jonk leit wiren, wa se de kuraasch opbruet hätten, d'kand, ouni sech ze bestueden, op d'welt ze setzen an unzehuelen, vun den duerfagewuessenen alleguer, ouni ausnam, ënner dem patronaasch an den onermiddlechen encouragementer vun eiser här, esou veruecht a léns leie gelooss gin, datt e weiderliewen am duerfprisong engem lieweslänglechen, masochistesche gepisacks gläichkomm wir. (...)

déi schon hallef zersate läich vum ongléckleche meedchen, vun deër de mæerder de kapp erofgeschnidden hat, fir datt de kierper an déi enk foxenhiehl gepasst huet, hu se, métt oktober, duerch en zoufall fond, un deem mäi grouss-

papp, wéi mäi papp ëmmer erzielt huet, och bedeelegt war. ee vun deenen, déi ronderëm stungen, *firwat nët mäi grousspapp jhang?* hat de fierschter opmierksam gemat op e schwarm mécken, deen ouni paus do virun der fiels an der sonn giff danzen. wéi dunn de fierschter mat engem stéck aascht tëschent de steng eragestëppelt an dobäi eng binzeg rout fatz an zwee laang, blond hoer erausgezunn huet, war déi beschwéierlech sichaktioun endlech vum fleck komm. duerch d'duerf as e schudderege kreesch gaangen: si hun d'gréitche fond. dee, vun deem all mënsch ugeholl huet, hie wir de mæerder, gouf owes verhaft, an de gronn gefouert, an deen anere muejen dem untersuchungsriichter präsentéiert. hien huet: neen, gesot. deen dag an all déi aner deeg duerno: neen, ech war et nët. opschon all indizien op hie gewisen hun. (...)

de prozess war spektakulär. den assisenhaff huet de kantonjee zu lieweslänglecher zwangsarbeit verurteilt. *neen, ech war et nët, neen, neen. dach du waars et. neen. dach. neen. dach, wéi dax hun ech mer als kand virgestallt, dee mann wir a würtlechkeet onschëlleg, wir-vläicht-zu onrecht agespaart gin.* eng eeler fra, nach famillje mam monni vic, déi e kand erwaart an dofir amplaz an d'vesper ze goen, doheem hannert der stoffefenster sutz op d'strooss eraus ze kucken, déi eidel war, well d'leit bal alleguer mat op de veräinsausfluch waren, hat den ugeklotte gesi laanscht hiirt haus an de bëscht goen, mat engem zesummegeknujhelte sak ënnrem aarm. d'ausso vun dëser fra war fir den ausgang vum prozess entscheedend. (...)

de mæerder huet ni agestanen, huet sech geckeg gestallt, wollt sech dräimol erhänken, huet ëmmer nees probéiert,

nuets iwwert de prisongsdaach auszebriechen, as awer regelméisseg agefaange gin an no nëmme siwen oder aacht joer, mengen ech, am gronn gestuerwen.

„Auf Fetschenhof liegt er begraben, zwischen anderen Namenlosen, niemand hat Blumen auf sein Grab getragen.“

dëse saz vum publizist tony jungblut fällt mer ëmmer nees an. ech hat e fir t'éischt gelies am „Luxemburger Kalender“, an deem, ech menge 1939, den tony jungblut d'geschicht vum muerd am fuusselach veröffentlecht hat. an dësem kalenner hun ech dax, wann ech nees wéint enger krankheet am bett hu misse leien, mat genoss gelies. do hun ech fir t'éischt nimm wéi péiter faber, batty weber, frantz clement begéint an hir texter gelies, déi mech opgereege hun. *dat war natüerlech nët 1939, mä méi spéit, wéi ech besser liese konnt, awer dee kalenner as jo versuergt gin, wéi gold, nët wéint der literatur, mä wéint der geschicht vum fuusselach.* ech hun de kalenner nach haut. mat de joren huet e seng deckele verluer. d'fottee vum jong a vum meedche bannen am kalenner kann ech nach haut nët kucken, ouni datt d'schuddere mer de bockel eroflafen. ënner de fottee stunge fiktiv nimm: johann fassbinder a margareta bell. och déi nimm, obschon se aus der loft gegraff waren an näischt mat de richtigen aktören ze din haten, hu mech elektriséiert. wie war würtlech schëlleg?

Roger Manderscheid

(Dës Geschicht as en Auszuch aus dem Roger Manderscheid séngem neie Roman „Schacko Klak. Biller aus der Kandheet (1935-1945)“, deen dëser Deeg an den Iechternacher Editions Phi erauskomm as).